

Fédération des

Enrôlés de Force

Victimes du Nazisme.

Le'w Gäscht,

Le'w Matbierger,

Le'w Komeroden,

Als Präsident vun der Section des Enrôlés de Force vun .....hunn ech d'E'er Iech hei all op dat herzlechst ze begre'ssen. We' Dir allegueren wesst si mir haut zesummekomm fir all dene Leit, de' op iergendeng Mane'er den demoli gen Zwangsrekrute'erden aus hirer batterer No't gehollef hunn, duerch t'Verleihung vun der Médaille de la Reconnaissance Nationale ze danken.

E'er mir awer op dös Médaille selwer ze sprieche kommen, woll ech nach äng Ke'er kuerz op de' katastrophal Krichsjohren zreck-blenden.

Den 10.10.1941 huet de Preiss an engem Plebiszit versicht, dem Letzebuerger seng Egenstattechkét streideg ze machen an hien dem dei'tschen Volkstum zo'zefe'eren. Schon dorannen lo'g e Versuch vun den nazien op t'Zwangsrekrute'erong vun de Letzebuerger lasszeschaffen. Zu deser Zei't, grad ewe' den 10. Mé 1940 beim Amarsch vun den deitschen truppen stong t'Letzebuerger Vollek verloss an eleng do, an a sengen Décisio'nen, de' bei Gott nie licht waren, sech selwer an sengem Sch'ksal iwerloss. Et war we' wann Papp a Mamm de Stot verloss hätten an t Kanner am Stach geloss hätten. Et war, we' wann de Kapitän, dem sei' Scheff ennergät, sei' Scheff als e'schte geng verlossen an sech feig an t'Rettungsboot geng firdrengen.

Den 23. Mé 1941 huet eng Verordnung vum chef der Zivil-verwaltung d'Pflicht zum R.A.D. fir Medercher a Jongen ugekönngt. Dat war den Ufank vum Calvaire vum Letzebuerger Jonktem. Och hei well ech aflechten, dat eis heideg Jugend et net vergiesse soll, we' he'ch se t'Frei'het anzeschätzen huet, an nemmen kä Missbrauch vun hirem hellegste Recht mache soll. Och si soll sech bewosst sinn, wat et häschts: ech si frei', ech liewan an engem frei'en, demokratesche Staat!

Do ko'm den 30. August 1942! Dat ass de schrecklechsten Dag an der Letzebuerger Geschicht. Et war t'Proklamatio'n vun der Wehrpflicht. Si huet t'Johrgäng 1920 - 1924 erfasst. Dat huet also bedeit, dat t'Letzebuerger jongen hu mussen hirt t'Liewen opt Spill setzen fir eng Cause, de' hir net war, fir dem Preiss a sengen barbareschen Eroberongen Hellef ze läschten. Dat konnt de Letzebuerger Jonktem an och t'Letzebuerger Vollek net unhuelen! T'Reaktio'n war och dement-spriechend schärf. Den 31. August 1942 go'f de Generalstreik ausgeruff. Domat haten t'Preisen net gerechent. Eso' e Mut, eso' äng Kraft zum Widerstand hunn si virun de Kapp gestoss, ewe' e Ste'er, den äng mat ängem schwe'eren Hummer opt' Klatz kritt. Hir Entwert war brutal a

rücksichtsloss! 21 Resistenzler go'wen als abschreckend Beispill duerch e Standgericht zum Do't mat sofortiger Wierkong verurteilt. Zo go'wen erschoss, ä gekäppt! Am Gefolleg hunn och t'Schüler gestreikt. Do sinn t'Jongen a Stroflager no Stahleck, d'Medercher no Adenau an eso' weider verscheckt ginn. D'Le'erjongan hu gestreikt. Och si sinn net verschont bliwen. Si sinn an en R.A.D. Lager no Ruwer geschläft ginn. Enner schlemmsten Erniddrigongen an Entbierongen hunn de' jong Leidd demols mat hire Gewössensko' nflikten muusen färdeg ginn. Fir t'Zwangsrekru-te'ert huet et gehäisch: Soll ech de' verhasst Wehrmachtsuniform undoen, soll ech mech iergendwe' retten, mech verstoppfen. Awer de Preiss hat och an desem Moment mat satanescher Secherhet alles firgesinn. Mat sengen onhämlechen Drockmettel, we' z.B. t'Sippenhaft, huet hien t'Elteren an t' Familien vun de Jongen deporte'ert oder ömgesiddelt. De' äng Jongen si Refraktär ginn an hunn domaden ge'tiwer dem Preiss Fahnenflucht begangen. De' aner sin gangen an hunn an der Folleg enner den dei'tschen t:saldoten Onsecherhet an zweifel um "Sieg" opkomme geloss. Well de Mond konnten t'Letzebuerger Jongen net halen an si hunn denen bei all gudder Gelegenhet gesot, wat hinnen op der Liewer lo'g. Si hunn un den A. lagen vun der Wehrmacht sabotage bedriwen. Si hunn sech selwer vertümmelt. Wivill sinn der fir Zersetzung der Wehrkraft, Gehorsamsverweigerung a.sw. zum Do't verurteilt ginn an erschoss ginn. Anerer konnten ennert schwe'ersten Bedingongen an t'Gefangeschaft entkommen. Iwerallhunn si hirt Liewen op t'Spill gesat fir hirer Hemecht ze dingin.

An der Folleg hunn sech do am Land Gruppen vu Letzebuerger Patrioten entweckelt, de' sech zum Ziel gesat haten dem Okkupant e Maximum vun Jongen aus de Krallen ze rappen. An der Clandestinität hunn do Hellefer, Passeuren, Vermettler t'Jongen a Secherhet oder iwer t!Grenz bruet. Anerer hunn fir den Transport vu Stopp zu Stopp a fir de Ravitaillement gesuergt an den Stoppen. Eng vun denen gro'sste Stoppen hei am Land war den Hondsbesch zu Nidderkuer.

Fir all de' Leidd, de' völleg onegennötzig gehandelt hunn, mat enger Unerkennong ze danken, hunn t'Enrôles de Force t'Médaille de la RECONNAISSANCE NATIONALE geschafen. T'Initiative dervun gät voll a ganz op t'Fédération vun den Enrôlés de Force zreck. Si huet mussen bei den fre'eren zwangsrekrute'erten Jongen selwer Nofueschongen ennerhuelen. Donnés'en, de' t'Fédératio'n huet können also nömmen do hiren Ursprung hunn.

T'Unerkennong vu sei'ten vum Staat huet lang op sech wuarde geloss, an et ass iwerhapt eng Fro, ob et jemols zu engem diesbezig-leche Schrett duerch de Staat komm wär, wann net t'Organisatio'nen vun den Enrôlés emmer an emmer erem drop higewisen hätten! Sclesslech go'w de Gedanken vun der Reconnaissance Nationale Wierklechket duerch den grossherzogleche Beschluss vum 24. Juni 1968. Un der Verspe'dong können niemols t'Enrôlés'en verantwortlech gemat ginn.

Iwer de Sönn an den Zweck vun der Médaille ass ausserdem ausfe' erlöch  
an onser Zei'tschreft "Les Scritiés" Berichtertattong ginn. De'  
e'scht Verleihong go'w à titré posthume un de' 21 Opfer vum Streik  
decerne'ert, an zwar den 15.9.1968 bei Gelegenhet vun onser Journée  
Commémorative. Bei derselwechter Gelegenhet hunn t' Präsidenten vun  
den Sektio'nen 476 Médailen duerch de Staatsminister an Empfang  
geholl mam Optrag se am Numm vum Grand-Duc un t'Bénéficiairen ze  
verdälen.

Et ass aus techneschen Grönn net me'glech fir t'Médailien an  
engen ke'er un t'Bénéficiairen ze verginn, well am Sönn vun der  
Médaille keng Priorité't lei't.  
Weidder Promotio'nen kommen no!

Et ass awer och de' gre'sste Suerg vun der Fédératio'n vun den  
Enrôle's de Force dat ké vergiess gött.

Letzeburg, den 26.9.68.

Le'w Kameroden,

Hei schecke mir I'ech.

1. Invitatio'nen fir de' Leit ze invite'eren deenen d'Médaille de la Reconnaissance schon zo'gesprach go'w a wo' Dir schon a Besoetz hut. Dir braucht nuren d'Nimm an den Datum vun der Verdéitung den Dir bestoemmt hut auszeféllen. Vergiesst och net ze ennerschreiwen.
2. En Circulaire deen Dir un de' Leit adresse'ert deenen hir Nimm I'ech jo durch ons e'scht Action bekannt sinn ower leider nach keng Médaille aus deenen I'ech bekannte Groenn kre'e konnten. Desen Circulaire gett an deene Faell gebraucht wo' dèr enger oder anerer Section sollte Schwieregkéten entstoen, well de' eng d'Médaille schon hun an de' aaner sech dodurch beleidegt gengen fillen. D'Regierung huet ons fir ufangs Januar weider 2000 Médailles versprach eso' dass besonnesch deene klengen Sectio'nен gehollef koennt gin.
3. Eng Ried de' d'Fédératio'n alle Sectio'nen zo'stellt an de' als "Leitmotiv" bei der Cérémonie vun der Iwerréchung ennerhalb deenen einzelnen Urtschaften goelle soll. D'Haaptgedanken oder och d'ganz Ried koennte profite'ert gin.

Weider déle mir Iech mat, dass mir nach bestaenneg "Fiches de renseignements" retour kre'en. Eso' baal mir e weideren Ofschloss ferdeg hun, schecke mir I'ech d'Karten vun deene betreffende Leid zur Kontroll an zur Opstellung vun der Priorité't.

Och Diplomer zur Médaille de la Reconnaissance werde mir direkt iwerweisen eso' baal mir sie vun der Regierung zo'gestellt kre'en.

Mat deenen beschten a kamerodschaftlechsten Gre'ss  
fir de Comité

Bernard Jacob